NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

9/2010

Virwuert



## Léiw Frënn vum Comité Alstad,

Dass Fréijoer an déi 183. Éimaischen um Fëschmaart steet virun der Dier. Watt hu mier iech dëst Joer unzebidden. Do hu mer emol fir déischt, de leschte Bas-relief vun der Serie Renert.

An natirlech, wéi ëtt sech gehéiert fir d'Éimaischen e Peckvillchen.

Ech well iech awer och op dëser Plaaz metdeelen wat mir nach esou um Programm hun fir dëst Joer. Do ass elo mol fir d'éischt am Konschthaus Beim Engel eng Ausstellung mat Tablauën vun der lëtzebuerger Kënschtlerin Denise Mackel-Greyer, Titel vun der Ausstellung "La Danses des Couleurs".

An dann am Juli eng Expo, "Hommage: Grande-Duchesse Charlotte (1896-1985)" am Kader vum 25. Joeresdag vum Doud vun onser Grande-Duchesse Charlotte. Ganz houfreg si mir, dass de Grand-Duc Jean de Patronage vun dëser Ausstellung iwwerholl huet.

An den Stroossen ronderëm de Palais (Krautmaart, Krempelmaart, Wassergaass, Rouscht a Fleschiergaass) ass den 1. Samschdeg am September deen 4. Aulebäckermaart mat vill Animatioun.

A fir Feierdeeg vum Joereënn bidde mir iech en alen Stadplang oder eng schéin al Vue vun der Stad un.

Intern schaafe mir weider un onsem Fotoarchiv a préparieren lues a lues den 75. Anniversaire vum Comité Alstad deen mir am Joer 2012 feieren.

Elo zum Schluss bleiwt mer just nach iech schéin Ouschteren ze wënschen, a vläicht begéine mer ons op der Éimaischen um Fëschmaart.

Jean-Mathias GOERENS
*President*



## OUSCHTERSALON 2010

Op Aluedung vum Comité Alstad weist d'Denise Mackel, eng Lëtzebuerger Kënschtlerin, déi zu Conter lieft a schafft, ons am Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der rue de la Loge eng Partie vun hiren Tableauën ënnert dem Titel

*La Danse des Couleurs*

D'Ausstellung ass op vum 30. Mäerz bis de 17. Abréll 2010, all Dag vun 10:00 – 12:00 a vun 13:00 – 19:00 Auer, ausser Méindes. Ouschterméindeg, den Dag vun der Éimaischen, ass natirlech op.



**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1945 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • Fax: 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu

# « DE FUSS AM FRACK AN A MAANSGRÉISST »
## ODER DE RENERT A 9 BILLER

Zum Hinnche sot de Kinnek: "Här Hänning, sid getréist, Ier Fra gët schéi begruewen, de Fuuss gët streng gebéisst."

D'Begriefnis gouf gehalen, vill Käerzen hu gebrannt: op Marwel steet geschriwen, wou d'Hingche läit am Sand:

"Hei leit begruewe Krazfouss, se luegt vill Är an d'Nascht. Se huet getraut dem Renert, dat huet se d'Liewe kasscht,"

(Michel Rodange : Renert (1. Gesank)

2002 hu mir den éischte Bas-relief vum Renert eraus ginn. 2010 ass lo de leschte Bas-relief aus der Serie Renert fäerdeg. De 9. a leschte Bas-relief sinn 2 Figuren, den Hunn Hänning an d'Hingche Krazfouss.



Loosse mer nach eng Kéier drun erënneren, datt den Entworf vum Yvette Gastauer ass an datt déi 9-Bas-reliefen an der Keramikfabrik zu Esch-Uelzecht réaliséiert goufen.

Bestelle kann een den 9. Bas-relief vun elo u bis den 1. Abrëll 2010 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vu 45 € pro Stéck op ee vun onse Konten

| | |
|---|---|
| **BGL-BNP:** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |
| **Spuerkeess:** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck:** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |

Ofhuele kann ee säi bestallte Bas-relief Ouschterméindeg op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad (hannert dem Palais) vun 09:00 bis 12:00 Auer.

Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet Meiglechkeet, säi Bas-relief ofzehuelen am Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart vum 6. bis zum 30. Abrëll 2010. D'Konschthaus Beim Engel ass all Dag op vun 10:00-12:00 Auer a vun 13:00-19:00 Auer, ausser Méindes.

## FOTOË
### VUN DER ALSTAD GESICHT

De Comite ass zanter e puer Joer amgaang e Fotoarchiv opzebauen, a wier ganz frou iwwer är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn), Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher ewéi z. B. Prossessiounen, Kommuniounen asw., och Fotoë vu Leit déi, um Fëschmaart geliewt hunn. – Jee, mir sichen all Zort vu Fotoën oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze din hunn.

De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoën oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatioune brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.

## PÉCKVILLCHE FIR D'ÉIMAISCHEN 2010



Hei ass dee 4. Péckvillche vum Comité Alstad. Entworf gouf e vun onsem Member Serge Di Paoli a réaliséiert an der Keramikfabrik zu Esch-Uelzecht.

Bestelle kann een de Péckvillchen vun elo u bis den 1. Abrëll 2010 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vun 20 € pro Stéck op ee vun onse Konten

| | |
|---|---|
| BGL-BNP: | IBAN LU19 0030 7564 6694 0000 |
| Spuerkeess: | IBAN LU64 0019 1755 0897 0000 |
| Postscheck: | IBAN LU02 1111 0080 8736 0000 |
| | (mam Vermierk : Pëckvillchen 2010) |

Ofhuele kann ee säi bestallte Péckvillchen Ouschterméindes op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad (hannert dem Palais) vun 09:00 bis 12:00 Auer.

Wien net op d'Éimaischen ka kommen, huet Meiglechkét säi Péckvillchen ofzehuelen am Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 6. bis den 30. Abrëll 2010. D'Konschthaus Beim Engel as op, all Dag vun 10:00-12:00 a vun 13:00-19:00 Auer, ausser Méindes.

Et sief nach bemierkt, datt de Péckvillchen 2010 just an enger klenger Oplo vun 150 Stéick gemaach gouf, numeréiert a mat signéiertem Zertfikat vum Artsite.



COLLECTION: COMITE ALSTAD

## ERËNNERUNG UN ENG GROUSS DAME

Viru 25 Joer huet ons Grande-Duchesse Charlotte ons fir ëmmer verlooss. Fir un dës grouss Dame ze erënneren, invitéire mir lech op d'Ausstellung « Hommage : Grande-Duchesse Charlotte (1896-1985) », ënnert dem Patronage vum Grand-Duc Jean.

D'Ausstellung ass am Konschthaus Beim Engel op N°1 an der Logegass um Fëschmaart

vum 8. Juli bis den 1. August 2010. Si ass op all Dag ausser Méindes, muerjes vun 10:00 bis 12:00 a mëttes vun 13 :00 bis 19 :00 Auer.

Eng Ausstellung, déi een net däerf verpassen.

## 4. AULEBÄCKERMAART RONDERËM DE PALAIS

De 4. Aulebäckermaart ronderëm de Palais spillt sech de 4. September 2010 of, an de Stroosse Krautmaart, Krempelmaart, Waassergaass, um Rouscht an an der Fleeschiergaass. De ganzen Dag vu muerjes 09:00 bis owes 18:00 Auer. Aulebäcker aus Frankräich, Däitschland, Holland, der Belsch a Lëtzebuerg bidden lech hei hier Wueren un. Do dernieft hu mir e flotten Animatiounsprogramm op d'Bee gestallt. A fir de klengen Honger an Duuscht ass och gesuergt.



# RONDERÖM DE FËSCHMAART

## GESCHICHT A GESCHICHTERCHER AUS DER ALER STAD (9)

ZESUMMENGESTALLT VUM CLAUDE ESCH
D'FOTOËN SI VUM SERGE DI PAOLI

Laanscht „d'Gëlle Klack" komme mer op d'Virplaz vum Nationalmusée. Mir stinn elo matzen am Häerz vun onser Alstad, op der Fëschmaarter Plaz. Et ass derwäert, datt mer ons nach mat däer Plaz befaassen.

Hei stong d'Gebai vum Provinzialrot a vun der Kanzlei. Wéi Lëtzebuerg eng Grofschaft ginn ass, haten ons Grofen och Beroder, déi si bei wichtege Saachen consultéiert hunn. Awer eréischt an engem netdatéierten Dokument vum Grof Theobald vu Bar a vu Lëtzebuerg, dem éischte Mann vun der Gräfin Ermesinde (1197-1214), gëtt e Rot „prudentum virorum" (Erfuere Männer) ernimmt. Um Ufank vun der Regierung vum Walram vu Limburg, dem zweete Mann vun der Gräfin Ermesinde, gouf e Rot vun zeng Edelleit agesaat. Nodeem d'Burgunder d'Land ageholl haten, gouf de Rot reorganiséiert, grad esou ewéi 1531 ënnert dem Karel V. Aus dem Rot gouf e Provinzialrot, a spéider de Souveräne Rot. Zanter dem Karel V. , deen déi intern Verwaltung vu Lëtzebuerg nei geregelt huet, woren d'Sëtzungen an engem eegene Gebai, an zwar am Provinzialrot um Fëschmaart. D'Gebai vum Provinzialrot wor deemols dat eigentlecht Regierungsgebai fir Lëtzebuerg. Am Provinzialrot wor de grousse Sitzungssall a Schreifstuwwen (haut géife mer Büroe soen) vun den Conseillersën , an an der Kanzlei wore Schreifstuwwen, wou d'Vollek konnt virstelleg ginn. De Provinzialrot huet déi ganz Plaz ageholl an esouguer d' Strooss, duerfir huet se Rue du Conseil geheescht, haut Rue Sigefroi. Wéi grouss d'Gebai vum Provinzialrot eigentlech wor, wësse mer net, et muss awer e groussen Haf gehat hunn. Aus engem Dokument vun 1578 wësse mer, datt e vereedegte Kéiffer do d'Fässer vum Kinnek versuergt huet. Nodeem d' Haus vum Provinzialrot ofgerappt wor, ass eng fräi Plaz entstan, déi ongeféier d'Gréisst hat vum heitege Fëschmaart.

E puer Bemierkungen aus dem 16ten Joerhonnert iwwert d'Plaz: Duerch e Brand an der Méchelskierch gouf net nëmmen d'Kierch zerstéiert, mee och nach 180 Haiser aus der Noperschaft. Datt dat Feier, wat an der Kierch ugaang ass, esou en Ausmooss konnt kréien, hat e puer Ursaachen: d'Haiser wore mat Stréi oder Plakken aus Holz gedeckt, an d'Haiser stonge ganz enk zesumme gedréckt. Op däer anerer Säit huet et och u Waasser an un den néidege Läschinstallatioune gefeelt. Den 22. Oktober 1555 huet de Keeser Karel V. deene geschiedegte Leit d'Steieren nogelooss, fir hinnen den Opbau vun hiren Haiser méi liicht ze man.

Et wor am Joer 1594, wéi deen eréischt nei opgebauten Daach vum Dominikanerklouschter op en Neits duerch e Blëtzschlag ageäschert gouf.

D'Fëschmaarter Plaz am 17. Joerhonnert: - D'Pescht war am ganze Lëtzebuerger Land. Et gouf Hëllef vum Himmel erof geruff. D'Hadrianusprëssessioun, déi haut och nach ëmmer ass, gouf agefouert den zweete Sondeg am September. De Friddensvertrag vu Münster gouf de 5. Juni 1648 op der Plaz feierlech proklaméiert.

1660 wäer d'Stad duerch Verrot bal de Franzousen an d'Hänn gefall. De Proviantmeeschter Pierre Pillard, dee beim Bockfiels e Gaart hat, huet seng



Landsleit vun do aus an d'Festung gefouert. Awer dësen Iwwerfall ass komplett an d' Box gaang. De Pillard ass festgeholl ginn an huet fir säi Verrot deier misse béissen: hien ass zu Bréissel um Gaalge gestuerwen.

D'Plaz am 18te Joerhonnert: – De 16. August 1769 gouf zu Bréissel den Dekret vum Domänen- an Finanzrot ënnerschriwwen, deen der Stadverwaltung vu Lëtzebuerg et erlaabt huet, dat alt Gebai vum Provinzialrot ofzerappen an d'Plaz als Fruuchtmaart ze notzen. An engem Dokument iwwer d'Belagerung vun der Stad steet, den 18. Mee 1795 wier eng Granat op der Fëschmaarter Plaz explodéiert.

**Weider op onsem Tréppeltour geet ëtt an den ALSTADNEWS 10**

**Quell: Die Altstadt Luxemburg, Tony Kellen, 1939**




